ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 04/11/2024

Rapport vun der Kommissioun Relations publiques

Presenzen

Present	Net present
Assa Luc / Jans Nancy / Baus Ben / Kohl Joshua / Lucas Patrick / Braun Daniel / Weis-Collé Suzanne / Pinto Toni / Pettinger Frank	Bisenius Jean-Claude / Bozic Anton

Punkt 1: Suivi vun de Virschléi déi un d'Gemeng gaange sinn

D'Presidentin begréisst d'Kommissioun.

Virschléi goufe gemaach fir d'App an d'Internetsäit. D'Fro geet un de Ben Baus, deen dat domat erkläert dass déi zoustänneg Persoun am Congé ass an am Februar nees do wier. Dat ganzt géing net vun der Gemeng gereiert ginn, a wier relativ komplizéiert. D'Propose kennt op, dass e puer Leit aus der Kommissioun sech mat der Persoun treffen oder d'Persoun an d'Kommissioun kennt, fir dass des hier Iddie konkret ka weiderginn, direkt un d'Ulafstell. De Ben Baus mengt, dat wier kee Problem a vertrëtt d'Meenung, dass et eventuell net falsch wier dat ganzt vu Grond nei opzebauen amplaz ëmmer nees kleng Changementer ze maachen. Och wichteg wier et, sou confirméiert och d'Presidentin, de Site méisproocheg ze gestalten. Et wier scho vill bäigefléckt ginn an et misst een oppassen, dass et net ze oniwwersiichtlech gëtt. Hien confirméiert, dass dat fir d'nächst Joer eventuell viséiert ass, a mengt trotzdeem dass do virdrun e kloert Konzept misst stoen, wei dat soll ausgesinn. Och weist hien d'Limitte vun der Gemeng op, a weist drop hin dass een sech ab engem gewësse Grad u Komplexitéit misst un enger professionell Firma wenden.

D'Presidentin hieft ervir, dass et onglécklech ass, dass kee Rapport vun dësem Joer um Internetsite ass. De Sekretär gëtt gebieden, des nach eng Kéier als Rappel un d'Sekretariat ze schécken.

D'Punkte vum Manifestatiounskalenner an dem Material ginn aus dem leschte Rapport opgegraff. De Ben Baus verséchert, dass a Saache Material eng Grupp u Leit vun der Gemeng sech elo géingen domat ausernee setzen. A Saache Manifestatiounskalenner ass een sech eens, dass et visibel muss si wéini wéi eng Evenementer stattfannen, ma do ass de Spillraum limitéiert. Mat enger grousser Unzuel u Veräiner an och ëmmer mei kuerzfristegen Annoncë wier et schwéier, duebel Rendez-vous'en ze evitéieren.

Och nees ugeschwat gëtt d'Citoyen-Fräizäit Brochure fir déi nei Bierger. De Ben Baus ass der Meenung, dass een déi gäre kéint updaten an do kéint och d'Kommissioun an d'Spill kommen, fir ze kucke wat do

Helperknapp, 04/11/2024

noutwenneg ass fir dass dra steet a wat net. Als Beispill ginn nei Veräiner, déi nach guer net dran si genannt, oder och al Veräiner, wou d'Donnée net richteg sinn. Do misst net alles op d'Kopp gestallt ginn, ma d'Zil misst sinn en aktuelle, iwwersiichtleche Manuell ze schafen. D'Presidentin well dozou déi al Brochure huelen, kucke wat muss geännert ginn an d'Integratioun vun dëser op den Internetsite am Hannerkapp behalen. De Ben Baus kann sech och virstellen, dass een dat ganzt an engem Format „D'Veräiner stellen sech vir" géing ofhalen, wou een zB iwwer Facebook all Woch dräi Veräiner géing virstellen. Esou géing een d'Bierger informéieren, de Veräiner eng Plattform bidden an d'Veräiner encouragéieren, hier Donnée online wei analog um Courant ze halen. Dat selwecht wier och méiglech fir Entreprisen, dat allerdéngs mat engem spezielle Fokus drop dass een des ganz neutral virstellt an et keng Reklamm ass.

Punkt 2: Informatiounen iwwert d'Reunioun mat den anere Kommissiounen an Austausch

E weidere Punkt ass d'Initiative, fir de Leit d'Gemeng mei nozebréngen, zB duerch eng Serie am Buet wou een historesch Sitten virstellt. Den Tony Pinto gëtt en Update wei et an anere Kommissiounen, déi eventuell kéinte responsabel fir esou e Sujet sinn. Och hei ass een der Iwwerzeegung, dass nach mei Raum fir Kooperatioun an Zesummenaarbecht méiglech ass. D'Form kéint och e Biergerprojet sinn, wei schonn an der leschter Versammlung festgehal gouf. D'Iddi war e kommissiounsiwwergräifende Projet ze lancéieren.

Vill Sujeten aus der leschter Versammlung ginn ugeschwat, wou een e Retour aus dem Schäfferot ofwaarde wollt. De Ben Baus erkläert, dass een a puncto Ëmfro eng Firma preferéiert, well dat mei strukturéiert wier. All participéierend Kommissioun misst sech doriwwer raus kloer maachen, wéi eng Froen a wéi ee Kader een dem ganze well ginn. Do misst een sech als Kommissiounen eens ginn. Do misst eng Kommissioun, notamment Relations Publiques d'Initiativ ergräifen a mat aneren a Kontakt trieden. Wichteg wier et och, esou de Ben Baus, keng Saachen ze froen an ze verspriechen, wou net realiséierbar sinn. Et brauch een e kloren a feste Kader, wou esou eng Ëmfro kéint stattfanne. Vu Nodeel wier et och net, wann een sech informéiere géing, ob aner Gemenge schonn änlech Projete lancéiert huet, an déi eventuell als Inspiratioun huelen. Trotzdeem muss een sech wuel bewosst sinn, dass d'Defien a Méiglechkeeten an all Gemeng ënnerschiddlech sinn an een op seng eege Situatioun ageet.

D'Fro kennt op, ob een esou eppes ähnleches net well bei der Fusioun mat de Bierger gemaach huet. De Ben Baus äntwert, dass een deemools nach net an esou Richtungen iwwerluecht huet a sech op aner Piste, wei Informatiounsversammlunge verlooss huet.

Punkt 3: Kommunikatioun mat der Gemeng

Wat den ROI betrëfft, esou gëtt widderholl, dass een sech géing wënschen dass et éischter e Guide fir e gutt Zesummeschaffen wier. (Voir Rapport 10.06) Et gëtt gesot, dass et eng gutt Grondlag wier, ma et wier sécherlech nach Loft no uewe fir dat ganzt mei encouragéierend ze gestalten, fir esou der Aarbecht vun de Kommissiounen en optimale Kader fir ze schaffen ze ginn. An de nächste Sëtzunge vum Schäfferot gëtt dëse Sujet thematiséiert. D'Kommissioun waart op dee Feedback.

Helperknapp, 04/11/2024

Als weidere Punkt gëtt do widderholl, dass een sech iwwert Feedback zu senge Rapporte géing freeën. Och nees opgegraff gëtt de Punkt zu den Annoncen, wou de Ben Baus seet dass gudde Progrès gemaach gouf. D'Kommissioun begréisst des Entwécklungen. Präziséiert, gëtt dass d'Gemeng hei Prioritéit par Rapport zu Veräiner huet.

Punkt 4: Nei Entwécklungen

Fir d'Zukunft gëtt festgehal, dass een dat mat de Brochuren, dem Site an der Ëmfro am Hannerkapp behält. Dëst wieren Unhaltspunkte fir déi nächst Zäit, wou ee kann drop opbauen. D'Brochure géing een sech dann ukucken, an déi analyséieren fir ze kucke wat et do ze adaptéieren an ze ännere gëtt.

Punkt 5: Verschiddenes

D'Propose gëtt gemaach fir en Iessen am Februar ze organiséieren.

Punkt 6: Festleeë vun der nächster Versammlung an Inhalt

Den Datum vun der nächster Kommissiounsversammlung gëtt zu engem spéideren Zäitpunkt am Whatsapp-Grupp gekläert, ma et wäert tëscht dem 17-28 Februar sinn.